LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 22 avril 2016
Réf. N° QP-20/16

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°1972 du 1er avril 2016 de l'honorable Député Gast Gibéryen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréez, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Félix Braz
Ministre de la Justice

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél. (+352) 247-84537
Fax (+352) 26 68 48 61
Adresse postale:
L-2934 Luxembourg
info@mj.public.lu

136-0000144 2704018 FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Réponse du Ministre de la Justice à la question parlementaire n° 1972 du 1er avril 2016 de l'honorable Député Gast Gibéryen

Ob d'parlamentaresch Fro vum Herr Députéierten Gast Gibéryen, déi sech op d'Saisies vun der Pai bezitt, kann den Herr Justizminister folgend Informatiounen matdeelen:

D'Regierung wäert an den nächsten Wochen en Avant-Projet de règlement grand-ducal am Regierungsrot virstellen, den eng Adaptatioun vun den Tranchen déi am Reglement grand-ducal vun 2002[1] virgesinn sinn proposéiert. Dësen Avant-Projet gesäit vir dat d'Tranchen ugepasst ginn, an dat gemeess der *Cote d'application de l'échelle mobile des salaires* vum 1. Oktober 2013, déi aktuell bei 775.17 Punkten (*nombre indice applicable*) leit. Domat dréit d'Regierung och der Inflatioun zënter 2002 an der Situatioun um Wunnengsmaart Rechnung.

D'Zesummenstellung vum Stot an d'Situatioun vun der Famill sinn wichteg Facteure an missten am Kader vun der Berechnung vun den Saisies an den Cessiounen och mat verschafft ginn. Dat ass awer am Kontext vum Gesetz vum 11. November 1970[2], dat applicabel ass, nett méiglech. Des Problematik ass bekannt an dofir ass an deem Sënn e Gesetzesprojet n°4955[3] déposéiert ginn, den virgesäit dat Gesetz vum 11. November 1970 ëmzeänneren, an den dem Débiteur e Minimum fir ze liewen soll garantéieren, awer och dem Créancier d'Méiglechkeet soll ginn seng Suen erëmzekréien.

D'Regierung envisagéiert den bestoenden Gesetzesprojet n°4955 an dëser Legislaturperiod nach eng Kéier ze iwwerschaffen an ze adaptéierten. Et ass net virgesinn, wéi den Herr Deputéierten Gast Gibéryen dat proposéiert, dem Richter d'Entscheedung ze iwwerloossen den Montant vun der Saisie festzeleeën. D'Tauxen vun den Saisien an Cessiounen sollen am Gesetz festgehalen ginn, an d'Tranchen sollen iwwer Reglement grand-ducal adaptéiert ginn, wat am Sënn vun der Gläichheet vun alle Bierger virum Gesetz ass.

---

[1] Règlement grand-ducal du 26 juin 2002 fixant les taux de cessibilité et de saisissabilité des rémunérations de travail, pensions et rentes.

[2] Loi modifiée du 11 novembre 1970 sur les cessions et saisies des rémunérations de travail ainsi que des pensions et rentes.

[3] Projet de loi n°4955 portant modification de la loi modifiée du 11 novembre 1970 sur les cessions et saisies des rémunérations de travail ainsi que les pensions et rentes; de la loi modifiée du 26 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti ; de la loi modifiée du 24 décembre 1990 sur la préretraite ; de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour des raisons familiales ; de la loi modifiée du 1er août 1988 portant création d'une allocation d'éducation ; du Code des Assurances Sociales ; de la loi du 11 janvier 1995 portant réorganisation des écoles publiques et privées d'infirmières et réglementant la collaboration entre le ministère de l'Education Nationale et le ministère de la Santé ; du Nouveau Code de Procédure Civile.

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél. (+352) 247-84537
Fax (+352) 26 68 48 61
Adresse postale:
L-2934 Luxembourg
info@mj.public.lu

136 000144 20041018-FR